

# RIED VUM BLANCHE WEBER, PRESIDENTIN VUM MOUVEMENT ECOLOGIQUE, KONGRESS 2018

---

Léif Memberen,  
Léif Kollegen a Frënn,

Am zweeten Deel vum Kongress vun haut thematiséiere mäer am Detail eis politesch Fuerderunge fir d'Nationalwalen. Erlaabt mäer duerfir vläicht a menger Ried elo manner ob déi anzegoe wéi soss.

1.

Am Dezember 1968 - jo mäer sinn houfreg op dee Joergang, et wuar e gudder Cru - gouf de Mouvement gegrënnt a mäer feieren d'Joer eise 50ten. Mäer wëlle fir dee Gebuertsdag - niewent enger Rei vu Konferenzen, Veranstaltungen, kreativen Aktiounen - och kucken, wat Engagement iwwert esou laang Zäit bewierkt / oder net bewierkt, wéi sech eis Gesellschaft entwéckelt huet.

Den éischten Dossier bei deem mäer dat schonn e bëssche gemaach hunn, ass den Tram: mäer hunn eis an d'Katakombe vun eisen Archive gewot an eis Ënnerlagen duerchwullt. Wann ee gesäit, datt mäer fir d'éischt mat enger dach nodréiglech irritéierender Naivitéit d'Iddi viru bréngen wollten, an deems mäer auslännesch Firmen ugeschriwwen hunn fir eng Etude zur Machbarkeet vun engem Transprojet fir Lëtzebuerg ze maachen, muss ee schonn e bëssche grinsen. Wéi mäer du selwer déi Etude wollte maachen - mäer krute komescherweis keng Zousen vun de Firmen - si mäer aus Dateschutzgrënn ganz virsiichteg mat der Verëffentlechung vun de Nimm vun den Donateuren ëmgang, no dem Motto "Spende von S.B. aus H.". Jo, esou e Réckbléck bréngt keck Naupen un d'Liicht, ma mësch awer och nodenklech.

**Deemools hunn déi wéinegst un de Projet gegleeft. Och de Gros vun de Leit déi am Dezember d'läsch Joer op der Awéiung vum Tram waren an zeguer zum Deel Riede gehalen hunn, hunn sech Joren virdrun nach - zum Deel ganz massiv - dergéint gewiert.**

Sécherlech! De Mérite vum Tram läit bei Villen. Ma et gouf eng ONG bei där d'Iddi gebuer gouf, an déi ni lass gelooss huet, an dat wuare mäer....

2.

**E ganz laangen Otem ze hu bei Projeten, bei Wäerter fir déi ee steet, sech net entmudegen ze loossen, genau dat ass den Defis vun enger ONG, vun ausserparlamentareschem Engagement.** Et kritt ee seelen offiziell Merci gesot vun enger Gesellschaft, ma dorëms geet et eis net. Wann ech zeréckkucken, da weess ech, datt et de Méco wuar deen d'Naturparken als regionaalt Entwécklungsinstrument gerett huet wéi d'Gemengen nach gesot hunn sie „wéilte keen Indianerreservat ginn“, oder datt mäer et wuare, déi fir d'éischt fir d'Schafung vun der Mobilitéitszentral agetruede sinn an zeguer d'Stellenausschreiwung vum Direkter gemaach haten (well et net viru goug), mir waren derbäi wéi Rëmersche verhënnert ginn ass a lues a lues eng Energiewend och zu Lëtzebuerg an d'Wee geleet gouf. An där Dossiere gëtt et der villeg méi.

3.

Déi do an aner Dossiere wou sech Engagement gelount huet maache Courage!

Courage fir mat beim wichtigste gesellschaftspoliteschen Dossier wou an eisen Aen am Ablack usteet - net nëmme bei eis am Land, ma weltwäit - och drun ze bleiwen, genau mat eise Wäerter: der

Wuesstemsfro. **An eis wéi deemools beim Tramsprojet, wou mäer vun esou munchem als weltfriem a naiv bezeechent goufen, wäerte mäer eis och bei der Wuesstemsfro net vun enger polemischer Aart a Weis vu verschiddene beaflosse loossen.**

Haut gi Leit wou de Wuesstemsdogma *hannerfroen* ugegraff, an deem gesot gëtt, si wéilten an engem Micky-Maus Land liewen oder si wäere schizophren. Esou Aussoë sinn enger konstruktiver politescher Sträitkultur an enger fairer Debatt net wierdeg. Mäer äntweren op esou méi polemisch Téin desto méi mat eise Sachargumenter.

Jo, mäer sinn a bleiwen der Meenung, datt kontinuéierleche Wuesstem op enger begrenzter Welt - an engem begrenzten Ëmweltraum - net méiglech ass. An dorunner änneren elo och kéng aner Etikette vum Numm eppes, wéi grénge Wuesstem, rifkinkonforme Wuesstem, qualitative Wuesstem, nohaltege Wuesstem... Wuesstem, wéi och ëmmer e genannt gëtt, ka per se net nohalteg sinn.

**Et gëtt vu Regierungsmembere gesot, Wuesstem wier onabdingbar fir eise Wuelstand ze sécheren.** Jo, déi Gläichung goug wuel op fir d'Nokrichsjoren, duerfir ass de Begrëff wuel nach bei ville Leit positiv besat. Ma de Succès huet seng Kanner opgefriess!

**Eis Iwwerzeegung ass: kontinuéierleche Wuesstem a Wuelstand sti vum Grondsaz hier ëmmer méi am Widdersproch zu eneen!**

Ech kréie kéngem erkläert, datt am Stau stoen oder wéinst dem ze vill groussen Drock um Wunnengsmuart keng Wunneng fannen, Wuelstand ass.

Ech kréie kengem erkläert, datt den dramatesche Verloscht vun eiser Biodiversitéit an der Landschaft Wuelstand ass.

Ech kréien och kengem erkläert, datt d'Unheefe vu materielle Gidder Wuelstand ass.

Da gëtt gesot, d'Leit wéilten awer net „verzichten“ wat bei manner Wuesstem néideg wär. Ma vu wéi engem vermeintleche „Verzicht“ gëtt do geschwat? Wie koum op d'Iddi dat Wuert Verzicht ze notzen? Ech klamme gären aus dem materiellen Hamsterrad vun dem „ëmmer méi mengen müssen ze hunn“ eraus, ech sinn däers, wéi vill Leit sat, och den Drock deen op alle Niveauen an och an der Aarbechtswelt dowéinst entsteet!

**Mäer maachen als Mouvement déi Verzichtsdiskussioun net mat! Rieds muss villméi goe vu Gewënn! Gewënn vun Autonomie, Fräizäit, enger besserer Ëmwelt, manner Stress, méi sozial Kontakter, a villem méi! A mir hunn d'Gefill, ëmmer méi Leit denken esou.**

**A Wuesstem ass net gläichbedeitend mat méi sozialer Gerechtegkeet!** De Wirtschaftsminister huet an deem Kontext rezent wéi schonn ernimmt gesot, mäer wäere schizophren, well d'Gewerkschafte fir ëmmer méi Verdéngscht géingen antrieden an anerer wäere géint de Wuesstem. Ech mengen esou eng Ausso ass vill ze vill kuerz gegruff. Ekonomiste soen, während Joerzénge konnt jiddwereen ëmmer besje méi kréien wéinst dem Wuesstem. Ma elo ass dat eriwuer: elo si mäer an enger Welt, wou sech d'Fro vun der Verdeelungsgerechtegkeet stellt! **Jo, et geet net drëm een ëmmer méi grouse Kuch ze baken (dee souwisou ëmmer méi ongerecht verdeelt gëtt), ma de Kuch méi gerecht ze verdeelen. Där Fro gëllt et sech ze stellen!**

Wann ee sech dann eens ass, datt Wuesstem Mënsche net méi frou mëcht, kënnst d'Géigenargument, de Staat bräischt awer die Wuesstem, fir d'Infrastrukturen an de Sozialsystem ze bezuelen. Ass dat wierklech esou? Mäer mengen net! Wien huet da gesot, datt de Sozialsystem just iwwert de Wuesstem ka finanzéiert ginn? Déi Leit déi keng Oekosteieren oder keng Bestéierung vum Kapital a vun de Finanzmäert wëllen?! Ma grad dat fuerdere mäer an! Lëtzebuerg ass an der EU

schimhäftegerweis dat Land wat mat déi niddregst Steieren op Ëmweltverbrauch a Ressourcen huet, dat riet dann all Ausso vu gréngem Wuesstem oder keng Alternativen ze hunn fir d'Finanzéierung vum Sozialsystem desto mei Hohn.

**Firwat huet dës Regierung net zumindest eng Etude an Optrag ginn, wou gekuckt gëtt, wéi eng Alternativen et gi fir de Finanzement vum Sozialsystem ofzesécheren, esou wéi mir an anerer et virgeschloen haten?**

**A firwat gëtt ni berechent, wat eigentlech och d'Käschte vum Wuesstem sinn: fir eis Infrastrukturen an och eis Ëmwelt!** De Wirtschaftsministère hat an deem Kontext fest zougesot eng Etude ze erstellen, wou sollt gekuckt ginn, wat d'Käschte-Notze-Bilanz vun der Usiidlung vu verschiddene Betriber wär, also wat se dem Land bruecht hunn, a wat se eis kascht hunn. Elo gëtt gesot, esou eng Etude wär „aus methodesche Grënn“ net gutt ze erstellen... Huet et vläicht de Grond, datt ee „sech kéng wëll siche goen“ mat där Etude, scho guer net en vue vun enger Rei Betriber déi elo zur Diskussioun stinn? Well déi eenzeg Etude déi mäer an där Form fir Lëtzebuerg kennen, ass déi vum Tanktourismus, déi endlech och op Drock vun den ONGen gemaach gouf. An déi ass kloer: 2,1 Milliarde Recette sti 3,5 Milliarde Käschte geintiwwer. Wéi eng Conclusiounen zéie mäer doraus?

Eng weider Remark sief erlaabt: Et gëtt dach vu jidweringem esou gär vun de nächste Generatioune geschwat. Ma wat heescht eise Wuesstemsmodell fir eis Kanner a virun allem Enkelkanner? Wa mäer gemäss offizieller Säit musse wuessen, well et kéng aner Léisung fir de Finanzement vun eisen Infrastrukturen an eise Sozialsystem soll ginn ... da missten och si jo ëmmer weider wuessen.... ! Dat kann dach keen als wierklecht gesellschaftlecht Ziel gesi wat mäer de nächste Generatiounen operleeën! Wär et net méi fair „d'Kar elo erëm ze rappen a no Alternativen ze sichen?“

5.

**De vermeintleche Selbstzweck Wuesstem huet eis déi aberrant weltwäit Handelspolitik bruecht, déi op d'Käschte vu Mensch a Natur geet, op d'Käschten och vun de besonnesch Aarme vun dëser Welt – déi mäer esou aarm halen.** A déi Angscht virun enger iwwerdriwwener Globaliséierung ass noweislech zentral mat entscheidend fir de Rietsruck a ville Länner.

**D'Problemer, déi de Wuesstem mat sech bréngt, si ganz einfach dramatesch.** En huet derzou gefouert, dat de world overshoot day, also den Dag un deem de Mensch méi natierlech Ressourceverbrauch wéi nokomme kënnen, also iwwert d'Verhältnisser vu senge Naturraim leeft, all Joer méi no réckelt. Virun 20 Joer wuar dat nach de November, elo si mäer am August.

**Den Tram stoung fir e klénge Paradigmewiessel an der Mobilitéit - d'Wuesstemsfro soll fir e Paradigmewiessel stoen, wéi mäer muer lieve wëllen, och wa mäer fir weltwäit Gerechtegheet wëllen antrieden.**

6.

Mee: do wär ech dann erëm bëssche beim Bilan: wat hu 50 Joer Ëmweltengagement bruecht? Däitsch Kollege hunn an deem Kontext folgend Analyse gemaach... Och wéinst dem massive Wuesstem aus de leschte Joere misst een als Bilanz vun eiser Aarbecht soen „*winning the campaign but loosing the planet.*“ Jo, ech fäerten sie hu Recht!

**Wa mäer net bereet si grondsätzlech fir en anere Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell anzestoen, fir e reeglechte Systemwiessel, da gewanne mäer punktuell .... ma net am Fong.**

7.

**Doranner läit dann awer och déi Grondchance. Et wäer e Meilesteen, wann de Kapp grad an engem Waljoer géing opgoen, fir Zukunftsvisionen ze entwéckelen, wou al agetrampelt Pied verlooss ginn a wou néi Weeër agaange ginn! Fort an deem Ausmooss vum Materiellen och hin zu anere Wäerter...**

Nei Forme vu Wunnen, eng aner Mobilitéit, en anere Stellewäert fir eis Natur, eng méi convivial Gestaltung vun eise Stied, aner Wunnformen, aner Aarbechts- an Aarbechtszäitmodeller, aner Wirtschaftsmodeller - Kooperativen, Gemeinwohlprojeten.... dat sinn an eisen Aen esou ureegend Visionen, wou matrappe kënnen.

**An et wär un der Zäit, datt deen do Paradigmewiessel och an de politesche Käpp kënnt an eis Parteien a Politiker, déi ëmmer méi staark Stréimung an der Gesellschaft gesinn, déi Liewesqualität a Wuelstand anescht definéieren a grad un esou Iddie bastelen! Jo, et ass un der Zäit datt Parteien a Politiker och hire politischen Diskurs, hier politesch Prioritéiten ëmgestalten.**

**An deem Sënn well ech e Plaidoyer haalen, datt et sech nach lount fir Wäerter anzestoen an sech grad an Zäite wéi eisen, och an der Zäit vum Ëmbroch wou mäer stinn, zu Wuert ze mellen, Positioun ze bezéien a sech anzemëschen.**

8.

Da si mäer beim Thema vum Waljoer... Mir stellen haut am zweeten Deel vum Kongress eis iwwergeuerdent Fuerderungen vir... op eisem Internetsite fannt Dir schon eis détailléiert Ureegungen am Gros vun den Themeberäicher, déi vu ganz ville Leit erstallt goufen.

Mäer wäerten dës Ureegungen natierlech de Parteien ënnerbreeden. Ma anecht wéi soss, wäerte mäer hinne kee Froekatalog schécken, wéi sie zu eisen Ureegunge stinn. Mäer wäerten, wéi och z.B. eis däitsch Kollegen, opgrond vu Kritären direkt eng Analyse vun de vun de Walprogrammer vun de verschiddene Parteie maachen. Dat an eiser gewosster parteipolitescher Neutralitéit.

Mir wäerten op alle Fall mat eiser classescher Energie eisen Deel derzou bäidroen, datt Theme vun der nohalteger Entwécklung an de Waldiskussionen e Stellewäert wäerten hunn.

9.

Erlaabt mäer zum Schluss awer nach e puer Wuert zu eis selwer. Mäer hunn eist Gebuertsdaysjoer mat enger Ëmfro bei eise Memberen agelaut. Eng 330 Leit hunn derbäi matgemaach, dat ass e ganz héichen Taux, besonnesch bei der Längt vun der Ëmfro. Mäer wärten se an de nächste Wochen a Rou auswäerten a natierlech d'Resultater verëffentlechen. Just e puer Wuert elo: **De Meco krutt ganz gutt Bonnotten. Natierlech gi Verbesserungen ugereegt, duerfir ass déi Ëmfro och do! Ma grondsätzlech kritt de Meco eng ganzeg grouss Zoustëmmung bei senge Memberen fir dat wat mäer maachen. En décke Merci derfir!**

**Ma ech wär eng schlecht Presidentin, wann ech net och géing soen, datt de Meco iwwert de gesellschaftspoliteschen Defisen och intern selwer viru wesentleche Challenge steet.** Vill Membere schätzen eis héich Fachlechkeet besonnesch! Ech och! Ma et muss ee soen, datt wat Theme méi komplex ginn, dat net mei einfach gëtt, bei der Themewillfalt déi mäer besetzen a mat eiser ganzeg klenger Personaldecken... Oder awer: eng Rëtsch Membere wënschen sech méi Präsenz vun eis um Terrain an eenzelen Dossieren. Ech kann dat verstoen, ma wéi maachen...

Vill Memberen hunn dann och d'Entwécklung vu move., eise Jonken, begréisst, ma mäer mussen éierlech als Verwaltungsrot soen: move. gëtt dank eisen Erspuerrisser aus de leschte Joren bezuelt, mäer kréie kaum Ënnerstëtzung vun engem Educatiounsministère. Och soss sti mäer eis finanziell net wierklech gutt. Eis Reserven erlaben eis nach en equilibréierte Bilan ze hunn. Ouni Reserve stéinge mäer awer net gutt do... méi Challengegen ugoe mat net genuch Geld? Dat ass net evident, do musse mäer eis Gedanke maachen.

Asoufern: ech sinn zouversichtlech, mäer sinn eng staark a lieweg Organisatioun, mäer ginn déi Challengegen un.

**Dat am Wëssen, datt eisen Engagement fir eng aner Gesellschaft, fir en Embroch... méi wichteg ass wéi jee. An do mscht et immense Courage déi weltwäit Solidaritéit ze gesinn !**

An deem Sënn wëll ech mat 2-3 Zitater vun Aussoen aus eiser Ëmfro a Gléckwënsch vu Membere fir eis 50 Joer op halen, an erlabt mäer um Kongress elo just där positiver ze huelen:

*“Weiter so: engagiert, fachlich fundiert, politisch neutral, aufmuckend.”*

*“Courage fir d'Zukunft a Respekt fir dat wat bis haut gelescht ginn ass!”*

*“Wenn Sie auf das Erreichte zurückschauen, wäre das eine positive Basis um die Zukunft aufzubauen. Bonne Chance”*